N°3303
Entrée le 08.01.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, Yuriko Backes an dem Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus, Lex Delles, op d'parlamentaresch Fro n°3303 vum 5. Dezember 2025 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen iwwert « Cadre légal pour la conduite autonome »

Den honorabelen Deputéierte stellt Froen iwwert d'Positioun vun der Regierung zum kompletten autonome Fueren.

1. Wéi gesäit d'Situatioun zu Lëtzebuerg aus ? Wéi steet d'Regierung zu der Léisung vum kompletten autonome Fueren an der Léisung vum superviséierten autonome Fueren ?

Zu Lëtzebuerg befënnt sech d'autonomt Fueren aktuell an enger kontrolléierter Testphas. D'Regierung huet an de leschte Méint déi néideg Grondlage geschaf, fir automatiséiert Fuere progressiv a sécher ze erméiglechen, notamment duerch d'Adoptioun vun der nationaler Strategie "Automatiséiert Fueren 2028", d'Schafung vun engem interministerielle Koordinatiounscomité an d'Erlabnis vu wëssenschaftlechen Tester op ëffentleche Stroossen.

D'politesch Linn ass dobäi kloer: Lëtzebuerg wëll pionéierhaft virgoen, awer op eng graduell a verantwortungsvoll Manéier. D'Regierung setzt net op eng abrupt Aféierung vum komplett autonome Fueren, mee op eng Entwécklung, déi sech u konkreten "Use-Cases" an un héije Sécherheetsufuerderungen orientéiert.

Parallel dozou ass d'Ausaarbechtung vun engem gesetzleche Kader amgaang, dee geziilt d'Ëmsetzung vun den "Use-Cases" aus der Strategie erméigleche soll. Dëse Kader ziilt net dorop of, Gefierer komplett autonom an ouni iergendeng Supervisioun an de Verkéier ze bréngen, mee op eng kontrolléiert Aféierung mat kloer definéierte Verantwortungen an enger robuster technescher Validatioun.

2. Gëtt et en Echange mat Tesla a ginn et éischt Versich déi geplangt sinn ?

Tesla huet eng Demande agereecht, fir Tester mat sengem autonome „Full Self-Driving (FSD) (supervised)" System duerchzeféieren. Eng ministeriell Autorisatioun gouf hinnen accordéiert, déi et erlaabt, dës Tester zanter dem 15. Juli 2025 duerchzeféieren. D'Tester ginn, wéi bei allen aneren autoriséierte Projeten, ënner mënschlecher Iwwerwaachung realiséiert, mat engem "Safety Driver" u Bord, dee bei Bedarf zu all Moment kann agräifen.

3. Sinn Robotertaxien eng technesch Léisung déi een bis 2028 zu Lëtzebuerg plangt ze erlaaben? A falls net, aus wéi engem Grond ?

Robotertaxien sinn an der nationaler Strategie "Automatiséiert Fueren 2028" explizit als "Use-Case" identifizéiert. Allerdéngs bedeit dat net, datt Robotertaxien direkt oder flächendeckend am ganze Land zougelooss ginn. D'Regierung setzt och hei op e graduellen Usaz. Eng éischt Ëmsetzung géif sech dofir op geographesch begrenzte Gebidder, kloer definéiert Strecken oder spezifesch Bedierfnisser beschränken.

An dësem Zesummenhang ass och ze ënnersträichen, datt eng gesetzlech Reform vum Taxissecteur virgesäit, spezifesch Lizenze fir wëssenschaftlech Tester anzeféieren. Dës erlaben et Robotertaxien schrëttweis ze integréieren an Erfarungen ze sammelen op där Basis d'Gesamtheet vum gesetzleche Kader no an no kann ugepasst ginn.

Lëtzebuerg, den 8. Januar 2026

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes